N° 3954
Entrée le 21.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.04.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Kader vum Sproochecongé besteet fir Salariéen, onofhängeg vun hirer Nationalitéit, d'Méiglechkeet, d'lëtzebuergesch Sprooch ze léieren oder hir Kenntnisser an deem Beräich ze verdéiwen. Dëse spezielle Congé stellt dobäi eng wichteg Ergänzung zu de bestehende Mesurë vun der berufflecher Weiderbildung zu Lëtzebuerg duer.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Entreprisen hunn zënter der Aféierung vum Sproochecongé op dësen Dispositif zeréckgegraff?
- Wéi vill Salariéen hunn zënterhier vum Sproochecongé profitéiert?
- Wéi vill vun dëse Persounen hunn eng Formatioun am Kader vum Sproochecongé ofgeschloss, an op wéi engem Sproochniveau (A1, A2, B1, etc.)?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu